


# D'KOORDINATIOUNSSTELL







## 5.1. D'KOORDINATIOUNSSTELL

D'Verantwortlechkeet fir de Service Babysitting.lu, souwuel fir d'Koordinatioun wéi och fir d'technesch Betreiung vun der Internetplattform Babysitting.lu, läit beim Träger Elisabeth Jeunesse. De Service Babysitting.lu schaaft eng wäertvoll Schnëttstell fir verschidden Zilgruppen am non-formale Bildungsberäich an iwwerhëlt follgend Verantwortungsberäicher:

- Partnermanagement: Kooperatioune mat Partneren a Stakeholderen opbauen, ausbauen a pfleegen.
- Op- an Ausbau vu Kooperatioune mat aktuellen a potenzielle Partneren.
- Organiséiere vu Partnermeetings.
- Qualitéitsmanagement: Iwwerpréiwung a Weiderentwécklung vun de Qualitéitsstandarden.
- Entwécklung an Implementatioun vun neien Offeren, fir op d'Bedierfnesser vun den Notzer:innen ze reagéieren.
- Ëffentlechkeetsaarbecht: Präsenz op Foiren, an der Press an anere Medien.
- Social Media Management: Aktiv Féierung vun de Social-Media-Kanäl.
- Erstellung a Bereetstellung vu Virlagen, Bildungsdokumentatioun a Formatiounsmaterial.
- Organisatioun a Verwaltung vu Moderatiounsmaterialien a Werbematerial fir Informatiounsstänn.
- Weiderbildung: Organisatioun an Durchféierung vu Formatiounen fir Babysitter:innen a Formateuren.
- Matarbechterschoulung: Reegelméisseg Weiderbildungsofferen fir interesséiert Memberen/Mataarbechter:innen.
- Notzerbetreiung: Telefonszentrale fir Jugendlecher, Elteren/Tuteuren a Partner.
- Reklamatiounsmanagement („Alert-Button"-System fir Noutfäll).
- Bewäertungsanalyse: Auswäertung vu Feedback a Bewäertungen zur Upassung vun den Offeren.
- Statisteschen Iwwerbléck: Sammelen, Auswäerten an Archivéiere vu Benotzerzuelen.
- Plattformmanagement: Iwwerwaachung a Weiderentwécklung vun der Internetplattform.
- Datenbankpfleg: Aktualitéit vun den Datenbanken sécherstellen
- Férdermëttelakquise: Ermëttelen an ufroe vu Férdermëttel zur Ënnerstëtzung vum Service.
- Finanzverwaltung: Opstellung an Ofrechnung vun der järlecher Finanzlag.
- Zouverlässeg Kontaktpersoun fir Partner, Stakeholder an de Ministère.
- Onboarding-Treffe mat neie Partner.

## 5.2. FAQ - HEEFEG GESTELLTE FROEN

Babysitting.lu huet eng FAQ-Sektioun, déi di gängegst Froen direkt beäntwert. Falls Notzer:innen weider Froen hunn, déi am FAQ-Beräich net ofgedeckt sinn, kënnen si d'Babysitting.lu-Team per E-Mail kontaktéieren. D'FAQ-Sektioun gëtt reegelméisseg aktualiséiert an erweidert, baséiert op den heefegste Froen. D'Zil ass, eng kloer a informativ Ressource bereet ze stellen, déi all Notzer:innen hëlleft, d'Internetplattform effektiv ze benotzen.

Di heefegst gestallte Froe sinn op Babysitting.lu ënner der Rubrik FAQ ze fannen.

## 5.3. KONTAKT

elisabeth jeunesse
Babysitting.lu
Where parents and babysitters connect

25, ZAC Klengbousbierg, Bâtiment A L-7795 Bissen
babysitting@elisabeth.lu
45 07 74 - 6041
www.elisabethjeunesse.lu | www.babysitting.lu

